LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

Äntwert vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil, Max Hahn op d'parlamentaresch Fro n°4363 vum honorabelen Deputéierten Jean-Paul Schaaf iwwer de Schutz vu Residenten vu Wunnstrukture fir eeler Leit bei Caniculen.

1. *Kann den Här Minister preziséieren, wéi eng konkret Moossname vum Ministère am Kader vun der rezenter Hëtztwell fir d'Alters- a Fleegeheemer geholl goufen?*
3. *Huet de Ministère ee Circulaire oder eng offiziell Kommunikatioun un d'Gestionnaire vun den Alters- a Fleegeheemer erausginn? Wa jo, wéi eng Mesure si matgedeelt ginn?*

Allgemeng ass ze soen, dass d'Gestionnairë vu Wunnstrukture fir eeler Leit an hiert Personal, zu deem och Gesondheetspersonal zielt, d'office sensibiliséiert si fir de Besoine vun den eelere Leit bei méi héijen Temperaturen Rechnung ze droen an deementspriechend präventiv en Vue vun de waarme Méint dem Personal an de Bewunner déi elementar Gesten an deem Zesummenhang rappeléieren.

Donieft sinn d'Verhalensrecommandatioune am Fall vun enger Canicule, wéi se an engem Communiqué vun der Gesondheetsdirektioun zesumme mat Informatiouns-Flyer an Dépliants um Site www.santesecu.lu/canicule publizéiert sinn, den 19. Juni vum Familljeministère un all Wunnstruktur fir eeler Leit an och Logements encadrés weidergeleet ginn.

Den 26. Juni ass nach eemol ee Message un d'Direktioune vun de Wunn- an Dagesstrukturen, de Logements encadrés, de mobillen Hëllefs-a Fleegedéngschter, awer och de Clubs Aktiv Plus an den Activités Senior verschéckt gi fir drop opmierksam ze maachen, dass d'CERI (Cellule d'évaluation des risques intempéries et inondations) d'Alerte rouge verlängert huet. Iwwer dee Wee sinn nach eemol déi allgemeng gülteg Verhalensreegelen rappeléiert ginn.

Den 3. Juli huet een Austausch tëscht Vertrieder vun der Copas, der AMMD, dem Gesondheets- an och dem Familljeministère stattfonnt fir d'Gestioun vun der Canicule z'evaluéieren. Eng weider enk Zesummenaarbecht am Kader vun der « Commission permanente pour le secteur des personnes âgées[1] » soll fir d'Zukunft weider Verbesserungspotential opweisen.

[1] *Art.102.(4) de la loi modifiée du 23 août 2023 portant sur la qualité des services pour personnes âgées ;*
La Commission se compose :
1° de deux représentants du ministre ayant la Famille dans ses attributions ;
2° d'un représentant de la Direction de la santé sur proposition du ministre ayant la Santé dans ses attributions ;
3° d'un représentant du ministre ayant la Sécurité sociale dans ses attributions ;
4° d'un représentant de l'Administration d'évaluation et de contrôle de l'assurance dépendance sur proposition du ministre ayant la Sécurité sociale dans ses attributions ;

Ech hunn dofir déi genannte Commission permanente saiséiert fir d'Erfarunge vun dëser Hëtztwell auszewäerten an déi bewäert Praktiken z'analyséieren, déi schonn haut an de Strukture ëmgesat ginn. Am Kader vun dësen Aarbechte ginn national Recommandatiounen ausgeschafft, fir de Gestionnairen eng Hëllef ze bidden, sech nach besser un extrem Wiederkonditiounen unzepassen.

D'Elaboratioun vun de genannte Recommandatioune befënnt sech aktuell an der Finalisatioun. Donieft lafen och Aarbechte fir z'analyséieren, wéi d'Gestionnairen an Zukunft bei hiren Investitiounen an d'Klimaresilienz zousätzlech finanziell ënnerstëtzt kënne ginn. Soubal dës Aarbechten ofgeschloss sinn, wäerten d'Resultater dovu kommunizéiert ginn.

2. *Gëtt et fir Alters- a Fleegeheemer eenheetlech a verbindlech Krittären oder Prozeduren, déi bei enger Hëtztwarnung, notamment am Fall vun enger "Alerte rouge", mussen applizéiert ginn?*
5. *Ass den Här Minister der Meenung, datt de besteeënde Kader de Schutz vun de Bewunner am Fall vun ëmmer méi heefegen Hëtztewellen garantéiert, oder ass geplangt, d'Guidelinen an dësem Beräich unzepassen an ze uniformiséieren?*
4. *Wéi gëtt gepréift, ob dës Hëtztschutzmoossnamen an den eenzelnen Alters- a Fleegeheemer effektiv ëmgesat ginn, a ginn et an deem Kontext Kontrollen oder Evaluatiounen?*

Am Kader vum Plan Canicule huet all Wunnstruktur een individuelle Protokoll ausgeschafft, deen zousätzlech zu den allgemenge Verhalensreegelen an all Haus individuell applizéiert gëtt. Donieft hunn ech, wéi beschriwwen, d'Commission permanente pour le secteur des personnes âgées saiséiert, fir d'Erfarunge vun dëser Hëtztwell auszewäerten an déi bewäert Praktiken z'analyséieren, déi schonn haut an de Strukture ëmgesat ginn.

Am Kader vun dësen Aarbechte ginn och national Recommandatiounen ausgeschafft, fir de Gestionnairen eng Hëllef ze bidden, sech nach besser un extrem Wiederkonditiounen unzepassen. Dobäi muss awer berécksiichtegt ginn, datt d'Gebaier sech zum Deel staark ënnerscheeden, sief et wat d'Baujouer, d'Konstruktioun, d'Orientéierung, d'Gréisst oder d'technesch Ausrëschtung ugeet.

5° de deux représentants des professions de la santé dont un médecin proposé par l'association la plus représentative des médecins et médecins-dentistes et un professionnel de santé proposé par le Conseil supérieur de certaines professions de santé ;
6° de deux représentants du groupement le plus représentatif des organismes gestionnaires de services pour personnes âgées ;
7° d'un représentant du Conseil supérieur des personnes âgées.

Eng differenzéiert Approche ass noutwendeg, fir den ënnerschiddleche Realitéiten um Terrain gerecht ze ginn. D'Analyse soll opweisen, wéi eng Approchen sech besonnesch bewäert hunn a wou nach Verbesserungspotenzial besteet.

An deem Kader ass ze preziséieren, dass de reglementaresche Kader haut scho virgesäit, dass d'Gemeinschaftsraim vun alle Wunnstrukture fir eeler Leit mat engem „système de rafraîchissement d'air" mussen equipéiert sinn. Fir bestoend Strukturen ass zousätzlech drop hinzeweisen, dass den Artikel 106, Paragraf 1, vum Qualitéitsgesetz virgesäit, dass d'Gestionnairen, déi Aarbechte vun Transformatioun, Moderniséierung oder substanziellen Ëmbaumoossnamen duerchféieren, verflicht sinn, sech un déi nei gesetzlech Infrastrukturufuerderungen vum Qualitéitsgesetz unzepassen.

Am Kader vun der Evaluatioun vum Gesetz iwwer d'Qualitéit vun de Servicer fir eeler Leit ass ausserdeem virgesinn, z'analyséieren inwéifern de reglementaresche Kader an dësem Beräich ugepasst ka ginn.

Donieft wëll ech och ënnersträichen, dass bei neien Wunnstrukturen fir eeler Leit schonn haut systematesch op Klimaresilienz an thermesche Komfort geuecht gëtt. An alle Projeten, déi sech aktuell an der Planifikatioun oder an der Ausféierung befannen, ass eng Ofkillung souwuel vun den gemeinsamen Openthaltsräim wéi och vun den Zëmmer vun de Bewunner virgesinn. D'Léisunge variéieren jee no Projet a Gebaikonzept. Dobäi kommen ënner anerem baussenzeg Sonneschutzsystemer, Killplaffongen, Klimaanlagen, Killbatterien an de Ventilatiounsanlagen, thermesch aktivéiert Dallen oder aner innovativ Technologien zum Asaz.

De Ministère accordéiert haut scho bei bestoende Gebaier am Kader vu Projeten zur Verbesserung vun der Liewensqualitéit an dem Wuelbefannen vun de Bewunner eng finanziell Ënnerstëtzung fir entspriechend Adaptatiounsmoossnamen. Donieft lafen, ewéi gesot, aktuell Aarbechte fir z'analyséieren, wéi d'Gestionnairen an Zukunft bei hiren Investitiounen an d'Klimaresilienz zousätzlech finanziell ënnerstëtzt kënne ginn.

Lëtzebuerg, den 27. Oktober 2026

Minister fir Famill, Solidaritéit,
Zesummeliewen an Accueil

(s.) Max Hahn